# „Deng Bridder soen, du géings mat de Jongen harmoniséieren"

## Een Témoignage iwwert d'Homosexualitéit zu Lëtzebuerg an den 1960er an 1970er Joeren tëschent Kierchturm an dem „Milieu"

*Wéini hutt Dir gemierkt, dass Dir gay wiert?*

Ech sinn um Duerf opgewuess an do war dat normal, dass ënnereneen iwer Sex a Kannermaachen geschwat ginn ass an sech och mol touchéiert gouf. Mat 12 Joer sinn ech an een Internat komm. Do war jo räichlech Geleeënheet, wëll mir all gläichaltreg waren an all déi selwecht Besoinen haten (laacht). Owes goungen um 9 Auer d'Luuchten aus an déi meescht hunn dann net geschlof. Do ass dann mol ee béi den aneren gaang.

*D'Internat war also d'Initiatioun fir homosexuell Erfahrungen ...*

Jo, de Milieu huet et eben erginn. Wann se do alleguerten gay gewiescht wieren, déi ënnereneen Sex haten, dann wieren et der nawell vill. Mir haten e ganz gudden Direkter. Hien war do ganz nosiichteg, well wanns de eppes gesäis, dann miss d'och eppes maachen an wat's de an sou Fäll mechs, dat mechs de doudsecher falsch. An aneren Internater sinn Schüler doweinst erausgeflunn.

*Wéi sinn Är Elteren domat ëmgaang?*

Et war eng absolut Tabuisierung, et ass net dovunner geschwat ginn, offiziell ass et dat alles net ginn. Bei eis doheem waren lénks an homosexuell Begrëffer, déi ni gefall sin. Ech kann mech just erënneren, datt meng Bridder, déi méi jonk waren, méi opgekläert waren wéi meng Elteren. Meng Mamm ass mir eng Kéier Sonndes mëttes, wéi ech sollt erausgoen, nokomm an huet gesot: „Deng Bridder soen, du géings mat de Jongen harmoniséieren." (laacht) Ech sot: „Mamm, et kann ee wuel gleewen."

---

**Et war eng absolut Tabuisierung, et ass net dovunner geschwat ginn, offiziell ass et dat alles net ginn.**

---

*Dat heescht Är Mamm, déi huet sech awer eppes geduecht ...*

Si huet sech näischt geduecht. Mä meng Bridder, déi waren dorann anescht. Si sinn mol zesummen mat Meedercher erausgaangen op Baler. Ech war déi Zäit am Internat an ech hat net sou den Kontakt mat den Duerfjongen. Ënnereneen hunn déi jonk Leit am Duerf eppes erzielt an dat hunn meng Bridder opgeraf a sinn dann domat heem komm. Do gouf meng Mamm hellhöreg.

*Wéi vill hatt deen Tabu eppes mat der Kierch ze dinn?*

Hei um Duerf war den Afloss vun der Kierch jo och nach méi grouss an dann huet et geheescht, du muss beichten. Ech war eng Kéier an der Stad beichten an der Paterekierch a gouf gefrot: „Allein oder mit anderen?" – Ech sot: „Mit anderen". – „Mit Jungen oder mit Mädchen"? – „Mit Jungen" hunn ech gesot. – „Sind Sie homosexuell"? – „Nicht, dass ich wüsste", sot ech dunn (laacht).

*Wéi al waart Dir do an hutt Dir missten beichten goen?*

Vun doheem aus sinn mir erzunn ginn, dat mir eemol am Joer eisen „österlichen Pflichten" nokomm sinn. Dat hunn ech gemaach, bis ech ëm 20 Joer al war. Dat mir beichten gaangen sinn, war selbstverständlech. Haut kënnt ech mech mam Fouss rënnen, dass ech dat engem Paschtouer erzielt hunn an wien weess, mat weem hien et grad gedriwwen hat. Dat fält ënnert den Begrëff „culpabiliséieren", et huet een sech selwer schëlleg fonnt. Och lo am Alter hunn ech mat Kollegen geschwat, deenen et och sou gaangen ass. Mir hunn eis schëlleg fonnt, dass mir net sou sinn, wéi déi aner.

*Wéi war dat während Ärer Zäit op der Uni?*

Zou Paräis op der Uni hat ee Kollegen, wou een alt gemengt hat, déi sinn méi feminin wéi anerer. Mä ech hunn laang Zäit gebraucht, bis ech mech ge-out hunn, wann een dat kann sou nennen fir déi d'Zäit, d. h. datt ech an de Milieu gaange sinn. Ech wosst deemools net, wou sech den homosexuellen Milieu zu Paräis getraff huet. Haut ass vill méi Opklärung do

an d'Leit ginn duerch d'Medien gewuer, wou eppes lass ass. Et ass haut vill méi public.

*Wéini hutt Dir den Milieu zu Lëtzebuerg „entdeckt"?*

Ech hunn Ugangs 1960 mäi Militärdéngscht gemaach. Ech sinn laang net erausgaangen, bis ech sou 26-27 Joer al war. Dunn war ech finanziell méi selbstänneg. Et gouf véier Endroiten, wou dat sech déi Zäit ofgespillt huet. Dat waren an der Stad zwee Lokaler: d'Uschi beim Geriicht an de Mike am Café du Nord. Da gouf et nach de Park, wou draguéiert gouf. Wou ech gefaart hunn hinzegoen, dat war den Garer Quartier. Dat war mir ze vill geféierlech. Et war am Ghetto, mir hunn eis och all ënnereneen kannt, mir woussten een vun dem aner.

*Dir schwätzt vun engem Ghetto, wat mengt Dir domat?*

Ghettoiséierung heescht, mir hunn eis ënnerteneen fonnt, wann mir den Courage iwwerhaapt haten. Mir hunn déi Gesellschaft och méi opgesicht, wéi déi Heterosgesellschaft, well een jo do alt vun Saachen konnt schwätzen, wou een béi den Heteroen eng gewëssen Gene gehat hätt. Ech hunn mech méi wuel gefillt, wann ech Samschdes bei d'Uschi konnt goen, well ech wousst, do treffen ech gutt Frënn. All meng gutt Frënn sinn aus dem Homo-Milieu. Do kann een fräi schwätzen, e Frënd sot mir eng Kéier, du bass mäin Beichtvater. Et ass jo net schéin, wann een eppes huet, z. B. eng Krankheet, an déi musst dir verheemlechen oder dir kennt mat kengem driwwer schwätzen. Ech well net soen, dass Homosexualitéit eng Krankheet ass, mä am Ufank kruten mir dat jo awer gesot. Do war dat Wuert „abaarteg".

*Wéini huet sech un där Ghettoiséierung eppes geännert?*

Dat war Ausgangs vun 1970er Joeren, wou et méi fräi ginn ass duerch d'Liberaliséierung an der Sexualitéit. Et gouf do méi public an et gouf méi driwwer geschwat, och an den Medien. Do huet een da gemierkt, du bass net alleng. Haut gëtt et kee Lokal méi an der Stad. Wann ech déi jonk Leit héieren, da soen déi, mir ginn ënnereneen raus. Si genéieren sech net, hiren Frënn ze soen, dass si léiwer e Jong gesinn ewéi e Meedchen. Ech war paff, wéi een mir gezielt huet, dass hien net méi an e speziellen Milieu erausgeet, mä dat hien an eng Disco geet.

*Dat wat een haut Coming-out nennt, dat hutt Dir ni erlieft?*

En Coming-out hat ech an mengem Liewen net. Jiddereen, deen et vu mir wollt wëssen, deen gouf et gewuer ...

---

**Mir hunn déi Gesellschaft och méi opgesicht, wéi déi Heterosgesellschaft, well een jo do alt vun Saachen konnt schwätzen, wou een béi den Heteroen eng gewëssen Gene gehat hätt.**

---

*Dat heescht jiddereen, dee gefrot huet ...*

Jo, oder deen et hannenerëm gewuer ginn ass, well ee mech beim Mike oder beim Uschi gesinn huet. Et koum awer ni vir, dass ech mat engem Hetero op der Aarbecht oder vun der Famill konnt serieux doriwwer schwätzen. Dat stouch sou déif an menger Generatioun dran, wou jo och nach d'Relioun méi eng grouss Roll gespillt huet. Wann ee vun der Relioun ausgeet, dann ass jo den Zweck vun enger Hetero-Bezéiung d'Prokeatioun a mir aner waren jo verdammt, eis dem ze entzéien. Wann mir eiser Herrgott gefollegt hunn, dann waren mir schëlleg. Mir waren culpabiliséiert, mir hunn eis gesot, du bass net wéi d'Leit, du méchs net wéi d'Leit. Du bass marginal an da muss de dech dem entspriechend ariichten. Ech kann Leit verstoen, deenen dat ze vill war. Ech denken grad un een, deen d'Bréck erofgesprongen ass, well en mat dem Problem net soll fäerdeg gi sinn. Ech hunn mer geduecht, arrangéier dech. Wann een vun den Kosengen sech bestued huet, dann huet mol e Monni gefrot, wéini gëss du dann bestued, dass den Numm virun geet. Dann hunn ech gesot: „Dat ass fir déi aner. Maacht dir dat." Mir hunn gesot, mir huelen un der Prokreatioun net deel. Da gëtt ee besonnesch um Duerf bekuckt: Wat huet deen, dass deen net bestued ass?

*Dir sidd awer um Duerf wunnen bliwwen?*

Ech sinn ëmmer um Duerf bliwwen, meng Mamm war bei mir an meng Bridder sinn fortgaangen. Dann ass ee verwuerzelt mat den dierflechen Prejugéen. Grad an enger bäuerlicher Ëmgebung huet missen den eelsten bestued ginn an Kanner maachen. Wann dann e Brudder oder eng Schwëster vun dem Eelsten gay gewiescht soll sinn, dann ass hien oder hatt net bestued ginn, mä war Monni oder Tatta beim Haus. Dann ass gesot ginn, mir brauchen jo Hëllef ... Fréier hunn se déi an d'Klouschter geschéckt.

*Dir waart awer iwwert Ären Beruff an engem Milieu, der Educatioun, wou een kéint mengen, dat d'Leit méi opgeschloss sinn – duerch hier Studien am Ausland z. B. ...*

Ech hunn ni mat engem Kolleg iwwert meng Veranlagung geschwat, sou gutt wéi och ni e Kolleg mat mir iwwert seng ehelech Problemer geschwat huet. Ech hat ee Kolleg, de war och gay an mat deem hat ech méi Kontakt, well mir iergendwéi Affinitéiten haten. Ech hat och en aneren Kolleg, wou et mir haut deck leed deet, dass mir eis net géigenséiteg ge-out hunn. Hien war och Jonggesell an et gouf gemunkelt. Ech hat eng Frëndschaft mat him, awer dat Thema war och alt rëm tabu. Mäi Wee war am *closet,* also mech net ze outen, obschonn jiddereen deen sech eppes geduecht huet, dee gouf et och gewuer. Ech sinn zu der Asiicht komm sinn: „Maacht dir Äert, ech maachen mäint...".

*Dat heescht, dir sidd och an enger Marge bliwwen?*

Ech hunn däitsch an italienesch Bekannter, déi waren bestued. Well Papp an Mamm gesot hunn, bestued iech. An op emol ass et einfach net méi gaangen. Iergendwann konnten si et awer net méi verdrängen. Ech hat Geléigenheet mech ze bestueden. Dat aarment Meedchen wat mech dann awer bestued hätt!

*War Dir oft mat Homophobie konfrontéiert?*

Neen, mat Homophobie net. Ech kann net soen, dass perséinlech mir gesot ginn ass „Du houeren Lénksen". Mä ech wees vun aneren. Et huet mir awer an men-

gem Liewen gefehlt, dass Leit, déi mir nostoungen, sech serieux mat der Homosexualitéit auserneegesat hätten. Déi haten eng Gene, mat mir doriwwer ze schwätzen. Et war villäicht och d'Angscht, wéi reagéiert hien dorop?

*Dat heescht, déi gutt Intentiounen waren eigentlech falsch ...*

Ech wier frou gewiescht, wann en Hetero, deen mir nogestanen hätt, doriwwer eng Diskussioun mat mir gesicht hätt an ech hätt doraus e Verständnis kënnen schléissen. Sou wéi ech och mol méi de Kontakt gesicht hätt zou Kollegen, déi an der Scheedung waren an wou ee gesinn huet, dass si Problemer hätten.

*Wéi hutt Dir 1980er Joeren erlieft? Et war jo nach den Opbroch aus den 1970er Joeren an dunn koum d'Aids-Epidemie...*

An den 1980er Joeren hunn ech mat enger grousser Satisfaktioun festgestallt, wéi d'Ëffentlechkeet no an no duerch d'Medien dozou bruecht ginn ass, éischtens Kenntnis ze huelen, dass et dat gëtt an zweetens war ech erstaunt ze gesinn, dass d'Leit do keng zweet „Hexenverbrennung" ugestiwwelt hunn. Hei am Land waren d'Auswierkungen net sou grouss. D'Aidserkrankungen waren net sou heefeg oder si waren nach net sou bekannt. Do hunn ech net gemierkt, dass manner Leit am Milieu oder am Park wieren. Dat war villäicht éischter am Ausland den Fall, wou méi Saunaen an Boîten waren.

*Dir waart am Enseignement, wéi hutt Dir d'Evolutioun par rapport vun dem Thema bei Ären Schüler erlieft?*

Besonnesch an den leschten 10 Joer waren d'Schüler ganz opgeschloss. Mir hunn hannert virgehalener Hand dovunner geschwat an si hunn driwwer diskutéiert, wéi iwwer Internet oder Fussball, d. h. mat enger vill méi grousser Natierlechkeet. Et ass eng immens rapid Evolutioun vum Zäitgeescht an den leschten20 Joer geschitt.

*Sinn déi Fortschrëtter Ärer Meenung no irreversibel?*

Dat hunn ech mech och schonns gefrot, op d'Pendel net rëm an déi aner Richtung ausschléit – och ëmmer mat de Konzentratiounslager am Hannerkapp. D'Geschicht ass keng Leeder, d'Geschicht ass e Pendel.

*Ass d'Debatt iwwert den Mariage homosexuel fir Iech een wichtegen Schrëtt?*

Ech fannen et gutt, dass säit Ausgangs den 1970er Joeren, Liewensgemeinschaften entstanen sinn, déi net méi kierchlech geseent waren. Eng Diskussioun iwwert den Mariage homosexuel hätt ech mir an menger Jugend héchstens fir an 200 Joer virstellen kënnen. Ech sinn deck verwonnert, dass a Frankräich eng knapps Majoritéit dofir ass – an der „fille aînée de l'Église"! D'Evolutioun geet mir, als konservativem Mënsch, awer deelweis ze séier: z. B. wat de Mariage mat Adoptioun ugeet. Ech kënnt mir virstellen, mech mat engem Mann ze bestueden, awer Kanner géif ech ni adoptéieren, egal wéi grouss d'Nout vun dem Kand wier. Do ginn ech deene Leit Recht, déi soen, e Kand brauch e Papp an eng Mamm. Mä do soen ech mir och erëm: „da maacht dir dat, awer ouni mech". Ech wëll jiddereen maachen loossen, wei e wëllt, gemäss menger Devise „Es gibt nichts Schöneres auf Erden als Herr, lass sie gewähren".

*Villmools Merci fir d'Gespréich!* ◆

(Den Interview war den 11. Februar 2013. LS / BT)